

Här President,

Laang hu mir misste waarden op de Klimaplang an op des Debatt.

Ze laang an eisen Aen, engersäits opgrond vun der Drénglechkeet vum Kampf géint de Klimawandel, an anerersäits wëll mir elo eng iwwer de Knéi gebrachen Debatt hei musse féieren opgrond vun engem 30-säitege Pabeier, wou dat Allermeescht am ganz Vague bleift.

Wann een den Text liest vun der Regierung, da fällt et schwéier fir inspiréiert ze sinn.

Et fällt schwéier sech virzustellen, dass ee mat dene puer Reformen oder Fetzen vun Iddien, wierklech substantziell eppes am Klimaschutz erreeche kéint.

Vill vun de Mesuren, déi opgezielt ginn, si schonn a Kraaft, deelweis scho laang.

Dass déi wéineg Wierksamkeet entfaalt hunn, weist sech eleng schonn doduerch, dass d'Zäregasemissiounen vu Lëtzebuerg erëm séier klammen säit e puer Joer a mir eisen Zilwäert fir 2020 net just knapp, mee knallend verfehlen.

Déi meescht Mesuren, déi elo nei ugeduecht ginn, schreiwen sech an an déi politesch Approche, déi an der Klimapolitik bis elo gewielt gouf, an déi bis haut fehlgeschloen ass.

Et stinn 2-3 Wieder do wann et gutt geet, eidel Begrëffer, glaat Sprooch, alles awer mat fancy engleschen Termen: bedeutungslos fir déi meescht Lieser a Lieserinnen.

A vill Leit wäerten dësen Text lesen, wëll se interesséiert sinn a sech eppes erwaarden.

Wann ech soen, dass de Klimaplang d'Vergaangenheet fortschreift an op eppes opbaut, wat sech scho Jorzéngte a vläit souguer méi laang sou entwéckelt huet, da mengen ech domat ënner anerem dat heiten:

Des a Virgängerregierungen hu sech dem Wuestemswang verschriwwen a spillen des Kaart iwver Souveränitéits- a Steiernischen fir Betriber, räich Investoren, Finanzgeschäftsfelder an an der lescht och fir megaloman Technikaventurieren vun der amerikanescher Westküst.

Ekonomesch gëtt op cibléiert Secteure gesat ewéi Finanzplaz, ICT oder Newspace, alles ganz digitaliséiert natierlech an alles Beräicher, déi eis grouss Spréng an eng Dematerialiséierung vun der Wirtschaft versprieche, dofir awer wéineg Aarbechtsplazen a wann, dann net fir Leit, déi et hei an der Géigend och gëtt.

Finanzpolitesch ass den triple A déi helleg Kou, där och de Klimaschutz ënnerworf ass, wëll laut Klimaplang steet och de Kampf géint d'Enn vun der Mënschheet ënner Finanzéierungsvirbehalt vum Finanzminister.

Dat ass de Cocktail aus deem eng ëmmer méi inegalitär Gesellschaft gemixed gëtt.

Wou den Accès zu enger Wunneng de gréisste sozioekonomesche Selektiounscritère ginn ass an nei Rekorder all Joer bei den Akommesongläichheeten an der Aarmut zur Normalitéit gi sinn.

Dat kléngt net gutt, zumindest net fir déi grouss Majoritéit vun de Leit.

Mee et ass nun emol déi sozial an ekonomesch Landschaft an dem elo verstärkt Klimaschutz soll an och muss gemaach ginn.

Här President,

Den éischten Enjeu beim Klimaschutz, den ech gär géif uschwätzen, ass säi Finanzement.

Verschieden Organisatioune weltwäit, rechnen ëmmer erëm aus, wéivill Suen gebraucht géife ginn, fir eis Energie- an Transportsystemer, eist Wunnen oder eisen Ëmgank mat Ressource sou ëmzebauen, fir dass d'Äerderwärmung bis 2100 ënner 2°C bleift.

Déi Chiffre si gigantesch.

Et gött vill Geld gebraucht fir wahnsinneg vill a wahnsinneg kuerzer Zäit ze maachen.

Mir stelle fest, dass dat Geld zwar do ass, mee et net fir ekologesch Zwecker am wäite Sënn genotzt gött.

Privatkapital, ob vu Banken, Fongen oder och vun Entreprises, land op de Finanzmäert oder ëmmer méi an Immobiliespekulatioun a befeiert sou Logementskrisen.

Souguer den Handel mat Verschmutzungsrechter ass zu engem spekulative Geschäft ginn.

Resultat: Staate verléiere wichteg Recetten a ganz vill Suen landen an der Spekulatioun op Finanzmäert an an Immobilien a ginn net fir sënnvoll Investitioune genotzt, wéi z.B. den Ausbau vun erneierbaren Energien oder Mossname fir Energieeffikassitéit an de Betriber.

Fir dem entgéint ze wierken, gött versicht fir Ureizer ze schafe fir dass trotzdem endlech méi investéiert gött.

Zu Lëtzebuerg hu mir elo eng Geheimwaff fir dës Aufgab, d'green finance.

Dëser Form vun Investitiounen gëtt am Klimaplan 1,5 Säite Plaz geloss, méi wéi de ganzen Deel iwwer ekologescht Wunnen oder d'sozial Moßnamen. Bedenklech.

Dobäi ass d'green finance e marginale Phänomen, wëll nëmmen 1% vum weltwäit investéierte Kapital steet an nohaltege Fongen.

Déi sougenannte gréng Fongen, déi zu Lëtzebuerg cotéiert sinn, hunn och keen Impakt op CO₂-Emissiounen vu Lëtzebuerg.

Donieft – an dat ass wuel déi wichtegst Fro – gëtt et bis elo nach keen internationalt unerkanntent Regelwierk fir des Fongen an dat féiert dozou datt do grad egal wat gehandelt gëtt.

Mir hunn eis einfach mol ee Fong um Luxembourg Green Exchange erausgepickt an eis deen méi genee ugekuckt: Den Sparinvest Global Ethical High Yield.

An deem Fong hu mir net manner wéi 20 verschidde Pétrolsfirmen fonnt - um Luxembourg GREEN Exchange. Dat ass ganz einfach just Greenwashing.

Dofir freet een sech, wat dee laange Passage an dësem Dokument iwwer den Energie- a Klimaplan ze sichen huet, ausser natierlech et géif drëm goen der Finanzplaz méi e propperen Image ze ginn?

Am Dokument vun der Regierung stinn awer weider Saachen dran, bei denen een zwar net weess, wat genee dermat gemengt ass – et ass jo näischt erklärt – mee déi awer Schlëss zouloossen.

Fir Industrie a Betriber solle fräiwëllege Accord'en fir Energieeffikassitéit gëllen. Donieft geet vun engem De-risking fir Betriber rieds.

Des an aner Instrumenter weisen eppes ganz däitlech. Grouss Betriber, Räicher, Finanzakteuren gi gelackelt mat allem wat geet.

Betribber kréien de Risiko geholl bei Investitiounen, se kréien de Choix:
Fräiwëlleg. Null Risiko. La Dolce Vita.

Den däitsche Soziolog Ulrich Beck sot an den 80er Joren, dass mir an eng
Risikogesellschaft kéimen, wëll am Postindustriezäitalter d'Produktioun
vu Räichtum ëmmer méi gesellschaftlech Risike schafft, sozialer an
ekologescher.

Dat trëfft bestëmmt zou, mee vun dem Risiko kënne sech grouss Betribber
a Superräicher fräikafen, während vill Leit déi sozial an ekologesch Risiken
um eegene Leiw ze spiere kréien.

Här President,

Déi lescht zwee Deeg hu mir iwver de Budget geschwat. Opgefall ass,
dass d'Dépensen fir Klima, Energie, Ëmwelt oder Landwirtschaft
stagnéieren. An dat net réischt säit kuerzem.

De Staatsbudget gëtt guer net als Finanzéierungsquell genotzt fir zum
Beispill virunzekomme bei den Erneierbaren Energien, dem Ëmbau vun
der Landwirtschaft oder dem Bau vun ekologesch héichwäertege an
trotzdem gönschtege Wunnengen.

Dofir geschitt do och net genuch, Stéchwuert Klimabank, Stéchwuert
Biolandwirtschaft.

Eng riseg Finanzéierungsquell, de Rentefong, investéiert monter weider
weltwäit a schiedlech Monsterkonzerner a virun allem an
d'Karboniséierung vun der Ekonomie.

Eng Säit dozou am Plaz vun der green finance wir sécherlech méi
zilféierend gewiecht.

Fir dass op d'Waarden op Privatinvestitiounen a Photovoltaik, energetesch Sanéierung a méi propper Heizungen net eng nei Versioun vu Waarden op de Godot gëtt, muss méi ëffentlecht Kapital mobiliséiert ginn, fir dass et och wierklech virugeet a jiddereen an de Genoss dovu komme kann, net just d'Leit mam néidege Kapital.

An eisen Aen misst dat méiglech sinn an de Beräicher Erneierbar Energien – wou jo verschidde Gemenge scho Saache lancéiert hunn -, mee awer besonnesch wat den Assainissement vu bestehende Wunnengen oder d'Ersetze vun den Heizungen ugeet.

Fir den zweete Punkt hu mir hei eng MOTIOUN.

Eng konkret a realiséierbar Propose, déi ekologesch Nécessitéit mat sozialer Gerechtegkeet verbënnt en donieft och d'Handwierk an der Regioun kéint revaloriséieren.

All Stot d'Mëttelen an d'Hänn ze ginn fir den Energiekonsum ze reduzéieren, dat mat enger sozialer Oféscherung ouni Prêt op enger privater Bank an engem Finanzement, dem den agespuerten Energiekäschte Rechnung dréit.

Dat ass den de-risking, dee mir wëllen.

An do komme mir och op de Fong vun der sozial gerechter Klimapolitik.

De Klimapläng ass mat Generatioun Klima iwwertitelt.

Den Titel verschleiert, dass Klimaschutz keng Generatiounefro ass. Jiddereen ass dovu betraff, weltwäit.

Ob Jonk oder Aal, grouss oder kleng, haut, muer an iwermuer, mee net am selweschte Moss An net jiddereen huet déi selwescht Viraussetzung fir sech ze schützen oder eppes zum Klimaschutz bäizedroen.

Dofir ass et eng sozial Fro, eng Fro vun Inégalitétien, vu Verdeelung vu Ressourcen.

An dat ass fir eis déi grouss Schwächt vun dem wat bis elo virläit.

Am Virfeld vun der COP25 hunn den Thomas Picketty an de Lucas Chancel an enger Etüd gewisen, dass den CO₂-Austouss mam Akommes zesammenhängt.

Wat méi räich, wat méi Ausstouss. Dofir hu sie och eng direkt progressiv Besteuerung um Revenu virgeschloen.

Kleng Revenu'en géife doduerch näischt bezuele mussen an héich Revenu ëmsou méi.

Mat der CO₂-Steier vun der Regierung soll elo eng indirekt Steier, eng Konsumsteuer, agefouert ginn, déi vun 2021 bis 2023 vun 20 op 30€ pro Tonn CO₂.

Virun zwou Wochen huet den Här Energieminister op enger Table ronde selwer gesot, dass d'CO₂-Steier näischt um Verhalen ännere wäert, mee dofir do ass fir Recetten ze kréie fir de Klimaschutz.

Mir mengen och, dass se näischt bréngt. Mir froen awer dann och: firwat esou eng Taxe aféieren, wa se näischt bréngt?

Firwat dann net déi 150 Milliounen € anescht erbäikréien? Bei all den net-existenten a lächerlech déiwe Steieren op Fortunen, Dividenden, Profiter, Stock Options an sou virun sinn d'Méiglechkeete jo quasi onendlech.

D'Sue sinn do fir Klimaschutz, vläit esou méi wéi mir der brauchen. Et muss ee se just wëlle siche goen, bei de richtegen, massiven Klimasünder.

Mat der CO2-Steier geet d'Regierung awer elo de bequeme Wee, innovativ ass et net, a scho guer net gerecht. Mir hu mol gerechent wat déi Taxe konkret bedeit.

Fir en duerchschnëttleche Stod mat Gas oder Mazoutheizung bedeit des Steier en Ausgabeplus vun 200€ d'Joer a méi, just fir d'Haus ze hëtzen.

Am Klimaplang seet d'Regierung selwer, dass vill mat Mazout gehëtzt gëtt (30%).

Wann dëse Stod op den Auto ugewisen ass, vläit wëll op Schicht geschafft gëtt oder et keng oder just schlecht Ubannung un Zuch a Bus ginn, kommen nach 50-200€ d'Joer derbäi, je nodem wéi eng Distanz ze fueren ass a wéi héich d'Akzisen zousätzlech nach klamme wäerten.

A kënnt Dir iwwerhaupt assuréieren, datt jiddereen op senger Arbecht mam öffentlechen Transport probleemlos komme kann.

Et gi vill Arbeitsplazen wou keng Minutt Verspéidung geduld gëtt.

A wann dëse Stot lount, da krit en d'Taxe iwwer d'Chargen direkt of, mee ka mol net an eng nei Heizung investéieren, och wann en sech dat leeschte kéint.

Dat sinn awer vill Suen.

Mee wat ass da proposéiert, fir déi betraffe Leit z'entlaaschten?

Dat solle mer jo nach gewuer ginn.

Et gëtt d'Méiglechkeet vum Steierkredit, mee dat bedeit ënnert dem Stréch, just eng Ëmschichtung vun der Steierbasis, déi an dësem Kontext heescht, dass een dee bësse manner Steieren um Revenu bezilt, déi Suen dann huele muss fir de Mazout ze bezuelen.

Eng Ëmverdeelung innerhalb vun der betraffener Populatioun also, wat sécher net déi räichst am Land ass.

An déi Leit si jo och schonn duerch aner Steiere belaascht ginn, wéi d'Erhéijung vun der TVA oder duerch d'Net-Upassung vun der Steiertabell.

Et geet och riets vun der sozialer Ofsécherung déi et scho gëtt, ewéi de Mindestloun, de REVIS, obwuel déi jo net méi existenzséchernd sinn, wéll se leien ënnert der Armtusgrenz.

D'Allocation de vie chère kéint bei Energiearmut genotzt ginn, heescht et weider.

Dat bedeit awer, dass déi Leit op den Office social musse goen. Muss dat da sinn?

Fir vill Leit ass dat eng Humiliatioun. Se müssen dat passiv iwwert sech ergoe loossen, erliewe Klimaschutz als eng sozial Gewalt.

Dat mécht d'Leit rosen an hoffnungslos a vergréissert de Gruef an der Gesellschaft, den an eisen Nopeschlänner scho méi däitlech siichtbar ginn ass.

Mir sollten op kee Fall de selweschte Fehler maachen, wéll et Klimaschutz op Dauer ëmmer méi schwéier duerchsetzbar mécht.

Donieft ass eng Steierreform ugekënnegt, vun där bis elo näischt gewosst ass.

Et ass onméiglech eng eenzeg Measure, déi och nach an éischer Linn tendenziell mëttel- bis déif Akommesstéidt am meeschten trëfft, kënnen ze bewäerten, wann een net weess, ob parallel elo soll d'taxe

d'abonnement fir gréng Fongen oder d'Betriebsbesteuerung soll erofgesat ginn oder ob méi héich Revenu'en méi besteiert ginn.

An der aktuell proposéierter Form ass d'CO2-Steier net innovativ an net sozial gerecht, mee éischer réckschrëttlech a sozial ongerecht.

Vum Géigendeel iwweezege kéinten eis vläit méi konkret Informatiounen iwwee d'Steierreform oder iwwee d'Verwendung vun de Recette vun der Taxe. Mee déi hu mir net.

Här President,

De Méindeg gouf donieft eng weider Erhéijung vun den Accisen vum Diesel an um Benzin annonciert.

D'Zil hei ass kloer, am Géigesaz zu der CO2-Taxe.

Den Export vum Diesel soll reduzéiert ginn, wëll ouni dat, kënnen d'Emissiounen net wäit genuch gedréckt ginn.

Positiv Nieweprodukter wieren hei och manner Loftverschmutzung a Kaméidi, manner Stau a manner Käschte fir den Ënnerhalt vun den Autobunnen.

D'Art a Weis wéi dat elo annonciert gouf gesi mir kritesch, wëll elo mat Salamtaktik eenzel Measure kommen, ouni dass am Virfeld schonn e ganze Plang mat soziale Mesuren an anere steierlechen Upassungen um Dësch léing, oder besser: déi schonn a Kraaft wieren.

Mir ginn och ze bedenken, dass déi Erhéijung eventuell näischt bréngt, wëll d'Nopeschlänner séier méi héich Taxen aféieren.

Domat gëtt de Sprit méi deier fir normal Autofuerer, ouni dass sech awer eppes ännere géif um Ausstouss.

Ob et alternativ Weeër ginn fir den Export vu Sprit ze beschränken, z.B. duerch eng Deckelung vun der Quantitéit Sprit, déi op ee Coup getankt ka ginn oder e Réckbau/Ofbau vun Tankstellen, ass fir eis schwéier ze beuerteelen.

Eng méiglech Ouverture an der Debatt rondrëm déi Akzisen ass sécherlech och d'Verwendung vun de Recetten.

Wann och déi zousätzlech Recetten bei den Akzisen integral fir ekologesch a sozial Ënnerstützungsmeasure géife genotzt ginn fir de Leit ze hëllefen, déi am meeschte betraff sinn – also Leit mat klengem Revenu'en, mee déi op den Auto ugewise sinn, ech denken do u Botzpersonal oder Sécherheitsleit, déi oft owes spéit schaffen, wa keen Zuch se méi heembréngt kann – géif et sécherlech op méi Akzeptanz stoussen.

Soss hu mir hei méi Froe wéi Äntferten: Am Klimaplang geet och vun engem Mobilitéitsbudget riets. Wat muss een sech dorënner virstellen?

Firwat gétt och de Benzin méi besteiert wann et em den Diesel geet? Wat geschitt mat de Recetten?

Här President,

E weideren Aspekt, dee kuerz ugeduecht ass am Klimaplang, ass och d'Iwwerarbechtung vun der Autosteier.

An dem Kontext lount e Bléck beim STATEC an d'Zuelen vu verkaften Autoen zu Lëtzebuerg. Et ginn all Joer méi Autoe kaf, ëmmer méi décker, déi méi verbrauchen a méi verschmotzen.

Wann d'Autosteier reforméiert gétt, da muss deem Rechnung gedroe ginn, an net just kosmetesch, mee et muss spierbar sinn.

Op dem Wee kann een den zukënftege Kaf vu protzege SUV'en an décke Jeep'en sécherlech reduzéieren, an dat net just aus Grënn vun CO2-Austouss, mee och opgrond vun der Gefohr, déi fir Foussgänger oder Velofuerer vun dene Gefierer ausgeet, der Plaz, déi se huelen oder de groen CO2-Emissiounen, déi duerch Hirstellung an Entsuerung bei dësen Autoen entstinn.

Mat décken Auto'en rondrëm fueren ass kee Grondrecht an och keng existenziell Nécessitéit. Iergendwou muss eng Grenz gezu ginn. Fir eis ass dat eng.

Mir sinn net géint ekologesch Besteuerung.

Se muss just mol déi muttwëlleg Verschmotzer treffen an net Leit, déi en aalt Haus hëtze mussen oder mat hirem alen Diesel op hir – oft schlecht bezuelten – Aarbecht fueren.

Här President,

Op d'Elektromobilitéit oder alternative Sprit wéi Hydrogène kann ech elo net agoen.

Just esou vill: wéi sollen 2030 49% Elektroautoen op eise Stroosse fueren?

Bei klammende Verkafszuelen vu Benziner an Dieselgefiierer also enger permanenter Vergréisserung vum Lëtzebuerger Fuhrpark, wäeren dat 2030 circa 250.000 Autoen, vläit méi.

Dësen Szenario wierkt fir eis onrealistes an d'Fro, ob e wëschenswäert ass, sief och gestallt.

Dofir bleiwe mir bei eiser Haltung, dass dem Ausbau an der Verbesserung vum öffentliche Transport absolut Prioritéit zougerechent muss ginn.

Firwat baue mir e schnellen Tram Stad-Esch bis 2035, mee bis 2030 wëlle mer awer 250.000 Elektroautoen op der Strooss hunn?

Fir eis sinn do d'Prioritéite falsch gesat.

Déi Elektroauto'en stinn och ëmmer nach am Stau, suergen fir d'Versiggelung vun enorme Flächen fir Parkinger, Luedestatioune an sou virun an droe sou och erëm zur Äerderwärmung bäi.

Mir wëssen natierlech, dass sech Gewunnegten net einfach op ee Schlag änneren, mee wann de richtege Kader geschaf gëtt an d'Offer attraktiv ass, wäerten no an no Leit hir Autoe stoe loossen oder verkafen an den Zuch, den Tram oder de Bus huelen.

Dat bedeit manner Traffic, eng besser Raum- a Stadplanung an och manner Stroumverbrauch.

An och indigène Communautéiten an de Länner mat ville Minen géifen sech freeën, wann hir Heemécht och an Zukunft nach bewunnbar bleift.

Stéchwuert Stroumverbrauch.

Dat ass een Aspekt, deen ech net vill thematiséiert hunn, net wëll en net wichteg ass, mee wëll ech keng Zäit hunn.

De Stroumverbrauch ass an Zukunft awer, wann de Stroum den Haaptenergieträger ass, nach méi bedingt duerch eng sënnvoll Wirtschafts- a Raumplanung.

De Google-Datenzenter ass hei en Testfall. Mécht dat Sënn, fir souepes zu Lëtzebuerg unzesidelen?

Besonesch wann am Klimaplang steet, d'Industrie – déi awer vill Leit beschäftegt - géif scho souvill Energie verbrauchen an ee wéilt

Aarbechtsplaze kreéieren, eppes wat beim Datenzenter just limitéiert de Fall wir.

Et stelle sech dozou vill Froen iwwer déi ee schwätze muss. Dofir des MOTIOUN. (Kuerz Erklärung)

Här President,

Et kéint ee vill méi soen a mir bedauere wéi gesot, dass des Debatt sou kuerzfristeg, zu dësem Zäitpunkt a mat relativ wéineg Riedezäit muss stattfannen.

Elo solle jo nach ëffentlech Consultatiounen am Januar iwwer de Knéi gebrach ginn an da war et dat.

Des Art a Weis dréit dozou bäi, dass vill Leit sech virun de Kapp gestouss fillen, dass kuerzfristeg geduecht gött a viles guer net afléisse kann.

De Klimaplang ass opgrond vu sengem horizontale Charakter an der Urgence vun der Klimafro als gesamtgesellschaftlech Erausforderung amfong en interessant Mëttel, fir iwwer wichteg Weichstellungen ze schwätzen, ouni déi an eisen Aen och just en inkohärent Sammelsurium vu Mesuren erauskomme kann.

Fir eis ass de Plang kee staarke Beitrag zum Klimaschutz an kee wierksame Schutz fir vill Leit, déi veronséichert an d'Zukunft blécken a sech froen, wat op se zoukënnt.